N° 7727
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 7727 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet « Protection civile transfrontalière »**

**Fro 1**

Eng vollstänneg Lëscht vun de bilateralen Hëllefsasätz zënter dem Akraafttriede vun den eenzelen Ofkommes kann net erstallt ginn, well dës Asätz virun der Kreatioun vum CGDIS net zentral dokumentéiert gi sinn. Déi folgend Opléschtung weist awer, dass et reegelméisseg zu enger enker Zesummenaarbecht mat de Nopeschlänner kënnt:

***Interventiounen zu Lëtzebuerg, mat auslännescher Participatioun:***

| | |
|---|---|
| 1995 | – Tauchaccident zu Maartel (Martelange) – Renfort aus Frankräich |
| 2006 | – Zuchaccident zu Zoufftgen – Renfort aus Däitschland |
| 2007 | – Sichaktioun vun enger vermësster Persoun – Renfort aus Däitschland a Frankräich |
| 2016 | – Iwwerschwemmungen am Ärenzdall – Renfort aus Däitschland |
| 2019 | – Tornado zu Käerjeng/Péiteng – Renfort aus Frankräich an Däitschland<br>– Groussbrand bei der Firma Kronospan zu Suessem – Renfort aus Frankräich |
| 2022 | – Groussbrand zu Käl – Renfort aus Frankräich |

***Interventiounen am Ausland, mat lëtzebuerger Participatioun:***

| | |
|---|---|
| 2018 | – Groussbrand vun enger Schräinerei zu Étalle (BE) – Renfort vum CGDIS mat 40 Pompjeeën |
| 2021 | – Iwwerschwemmunge ronderëm Léck (BE) – Renfort vum CGDIS mam *Groupe de sauvetage aquatique*<br>– Iwwerschwemmungen am Ahrtal (DE) – Renfort mat 10 Ambulanzen mat jeeweils 2 Pompjeeën vum CGDIS an dem roudem Kräiz |
| 2022 | – Fuite un enger NATO-Pipeline (DE) – Renfort duerch Pompjeeën vum CGDIS |

**Fro 2**

Am Joer 2022 huet Lëtzebuerg insgesamt **64 mol** op Asazmoyenen aus Däitschland a Frankräich zeréck gegraff. Dëst waren 29 gemeinsam Asätz vun de Pompjeeën aus Bäerdrefa Bollendorf (DE), 7 Asätz bei deenen e SAMU intervenéiert ass an 28 Asätz bei deenen eng oder méi Ambulanzen intervenéiert sinn.

Am nämmlechte Joer si bei insgesamt **132 Asätz** am Ausland lëtzebuerger Ekippen intervenéiert, dovun 42 mol a Frankräich, 89 mol an Däitschland an 1 mol an der Belsch.

A Frankräich waren d'Interventiounen haaptsächlech an der Gemeng Volmerange-les-Mines an op der Autobunn A31 a Richtung Thionville, déi souwuel vun de lëtzebuerger Asazkräften, wéi deene vum *Service départemental d'incendie et de secours* aus dem Departement vun der Moselle (SDIS 57) couvréiert gëtt. An Däitschland waren d'Asätz virun allem an den Dierfer déi am direkte Grenzgebitt laanscht d'Musel an d'Sauer leien.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Fro 3**

D'Helikopteren LAR 1 an 2 vun der Luxembourg Air Rescue (LAR) stinn dem CGDIS zur Verfügung a ginn iwwert déi lëtzebuerger Noutruffzentral CSU-112 alarméiert. Den LAR 3, deen um Findel stationéiert ass, gëtt vun der Leitstelle Trier alarméiert an intervenéiert am Saarland an a Rheinland-Pfalz. Béid Bundeslänner hunn e Kontrakt mat der LAR. Wéi oft den LAR 3 an Däitschland intervenéiert ass, ass weder mir nach dem CGDIS bekannt. De CGDIS fir säin Deel konnt am Joer 2022 5 mol op den LAR 3 zeréckgräifen, dëst am Kader vun engem bilateralen Accord tëscht Lëtzebuerg a Rheinland-Pfalz.

Lëtzebuerg, de 11/04/2023.
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding